



1, rue Neuve  
L-9353 Bettendorf

**PacteClimat**  
Ma commune s'engage pour le climat

**Matdeellung  
vun der Gemeng Bettenduerf am Kader vun  
den Artikelen 8 an 9 vum ofgeännerten  
Gesetz vum 4. Februar 2005 iwwert den  
nationale Referendum**

**De Schäfferot**

Vu d'Demande vum Comité d'initiative vum 14. Mäerz 2022, déi de Premier- a Staatsminister de 17. Mäerz 2022 kritt huet, fir e Referendum iwwert d'Proposition vun der Revisioun vum Kapitel II vun der Verfassung ze organiséieren;

Vu d'Décision vum Premier- a Staatsminister vum 18. Mäerz 2022 iwwert d'Recevabilitéit vun där Demande;

Vu d'Kommunikation vum Premier- a Staatsminister am *Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg*, Memorial A – 135 vum 25. Mäerz 2022, an Ausféierung vum Artikel 5 vum ofgeännerten Gesetz vum 4. Februar 2005 iwwer den nationale Referendum;

**informéiert**

d'Wieler, déi d'Walrecht fir d'Chamberswalen hunn an déi an der Gemeng BETTENDORF domiciliéiert sinn, datt si d'Demande iwwert d'Ofhale vun engem Referendum iwwert d'Proposition vun der Revisioun vum Kapitel II vun der Verfassung, déi an éischer Liesung de 9. Mäerz 2022 vun der Chamber ugeholl ginn ass, ënnerstëtze kënnen, andeem si sech an de Lëschten aschreiwten, déi an der Gemeng **vum 9. Abrëll 2022 bis den 9. Mee 2022 abegraff, opleien.**

Well et sech beim 9. Mee 2022 em e gesetzleche Feierdag handelt (Journée de l'Europe), ginn d'Wieler informéiert dass dee leschten Dag fir sech op d'Lëschten anzeschreiwten, **Samschdes, de 7. Mee 2022** ass.

Während dëser Period sinn d'Lëschten op folgende Plazen an zu folgenden Zäiten zougänglech:

**Uert: Gemengenhaus, Populationsbüro, 1 rue Neuve, L-9353 Bettendorf**

**Deeg an Zäiten:**

Während den Öffnungszäiten vu:

**méindes vun 08.00 bis 11.30 a vun 13.30 bis 18.00 Auer**

**dënschdes an donneschdes vun 08.00 bis 11.30 a vun 13.30 bis 16.00 Auer**

**freides vu 7.30 bis 11.30 a vun 13.30 bis 16.00 Auer**

**souwéi samschdes u folgenden Deeg: 09/04/2022, 16/04/2022, 23/04/2022, 30/04/2022 an 07/05/2022 – all kéiers vun 10.00 bis 12.00 Auer.**

Den Text vun der Proposition vun der Revisioun vum Kapitel II vun der Verfassung kann op den uewe genannte Plaatzen an zu den uewe genannten Zaiten agesi gin.

Fir d'Demande iwwert de Referendum z'ënnerstëtzen muss de Wieler sech perséinlech op senger Gemeng presentéieren. De Wieler muss säin Numm, seng Virnimm a seng Adress dem zoustännegen Agent matdeelen an eng gülteg Pièce d'identité virweise kënnen.

Nodeems den Agent kontrolléiert huet ob de Wieler op de Wielerlëschten agedroen ass, leet den Agent dem Wieler d'Aschreiwungslëschte vir an dréit dem Wieler säin Numm, seng Virnimm a säi Gebuertsdatum an.

Nodeems de Wieler dës Aschreiwunge kontrolléiert huet, ënnerschreift hien d'Lëscht.

De Wieler deen duerch e physischen Handicap net ënnerschreiwe kann, däerf sech vun enger Persoun begleede loosse, déi a sengem Numm ënnerschreiwen däerf. Dës begleedend Persoun däerf kee kommunaalt, nationaalt oder europäescht Mandat bekleeden, si muss liesen a schreiwe kënnen an däerf net gemäß de Bestëmmungen vum Artikel 6 vum ofgeännerten Walgesetz vum 18. Februar 2003, vum d'Walrecht ausgeschloss sinn.

Et däerfen déi Wieler ënnerschreiwen déi den Dag virum Ufank vun der Ënnerschrëftesammlung op de Wielerlëschte fir d'Chamberwalen agedroe sinn.

Déi Wieler déi net op der Wielerlëscht vun der Gemeng stinn, mussen eng Décisioun vum Buergermeeschter vun hirem Wunnuert respektiv vun enger Geriichtsinstanz virweise kënnen déi bezeit datt si d'Walrecht an där Gemeng hunn.

Déi Wieler déi zwar op dese Wielerlëschten agedroe sinn, mee déi hiert Walrecht duerch eng gesetzlech Bestëmmung oder duerch e Geriichtsbescheed oferkant kritt hunn, däerfe sech net un der Ënnerschrëftesammlung bedeelegen.

All Wieler däerf nëmmen eemol d'Lëscht ënnerschreiwen. D'Ënnerschreiwen am Numm vun enger drëtter Persoun ass verbueden ausser am Fall wou eng Persoun eng handicapéiert Persoun begleet.

**D'Ënnerschrëft vum Wieler op der Lëscht bedeit datt dese Wieler d'Demande fir d'Ofhale vun engem Referendum ënnerstëtzt.**

**Dës Demande ass nëmmen dann ugehall, wa 25.000 Wieler se ënnerstëtzen.**

(s.) De Schäfferot